National - Schoulpersonal

# Ze vill Stress an ze vill administrativen Opwand

Vum Pit Everling (Radio) | Update: 13.06.2019 18:53



© Pit Everling

Eng nei Ëmfro vu Gewerkschafte kënnt zu drastesche Konklusiounen: Vill Enseignantë bedaueren hire Choix an hunn och soss eng Hellewull Problemer.

Am Enseignement an der Grondschoul ass ferme de Wuerm dran. Zu där Konklusioun kënnt eng nei Enquête. D'Gewerkschaften SEW a Landesverband souwéi d'Federatioun FGIL haten engen 3.500 diploméierten Enseignanten, Chargéen a Quereinsteiger e Froebou geschéckt, 750 mol gouf dee beäntwert.

Wat besonnesch opfält, ass, datt 3 Véierel vun de Befroten de jonke Leit et ofroden, fir iwwerhaapt an den Enseignement ze goen ...

... an eng Majoritéit géing de Beruffs-Choix och net nach eng Kéier maachen: "Ënnert den aktuelle Konditioune géingen 61% de Beruff net méi wielen", seet den SEW-President Patrick Arendt. "Wat extrem bedenklech ass: Vun de Stagiären, déi knapps 2 Joer derbäi sinn, soen och méi ewéi d'Hallschent, si géingen de Beruff net méi wielen."

**Gäre Schoul halen, awer net an deene Konditiounen**

97% vun den Enseignantë soen awer, datt si gäre Schoul halen. Ma d'Zuele géinge weisen: Et leeft eppes schif. Vill Leit soen, d'Belaaschtung an den Drock wiere grouss, et géing vu méi Säiten u Respekt an Ënnerstëtzung feelen. D'Regionaldirektioune ginn negativ bewäert an de Stage gesi vill Befroten als wéineg sënnvoll a virun allem mat iwwerdriwwenem Opwand verbonnen.

**Ze vill Stress an ze vill Paperassen**

Da konnten déi Befroten och Commentairë schreiwen: "Wat ëmmer erëm komm ass, ass Stress, wou d'Leit soen, ech leiden immens ënner Stress mat all senge Symptomer: Kappwéi, Otemproblemer, Häerzproblemer, Schlofproblemer, Tinnitus, Burnout, Depressiounen."

Den administrativen Opwand wier vill ze grouss: "Ech verstinn net, dass mir virun 30 Joer Schoul gehalen hunn an zwee Ziedelen d'Joer ausgefëllt hunn, haut fëllen ech der dräi den Dag ass. Et gesäit een net wierklech den Avantage vun där ganzer Geschicht do."

**Eltere-Poids, Tablet-Konkurrenz a Verhalenskreativitéit**

An de Commentairë war och nach ze liesen, datt d'Elteren ze vill Poids hätten an datt et bei de Kompetenzen e gewëssen Nivellement vers le bas géif ginn: Vill Kanner kommen an d'éischt Schouljoer, kënne knapps schwätzen a sinn och net motivéiert. D'Enseignantë mierken, dass se géint déi Tablete kaum nach ukommen. Wéinst ville verhalenskreative Schüler géifen déi normal an déi gutt Schüler vernoléissegt ginn, géinge sech verschidden Enseignante beschwéieren.

**En éierlechen Debat gefuerdert**

De Message un de Minister Meisch ass virun allem deen, datt ee misst ophalen ze maachen, wéi wann alles an der Rei wier an de Schoulen. En éierlechen Debat, bei deem d'Problemer mam Numm genannt ginn, wier onëmgänglech.


© AFP

## Links

- AUDIO: Ëmfro vu Gewerkschafte bei Schoulpersonal: Rep. Pit Everling